

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. Februar 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister an den Här Verkéiersminister weiderzeleeden.

Wéi d'Regierung an der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 5426 geschriwwen huet, war et op Basis vum Contact Tracing méiglech, bei der Gestiou vum der COVID-Krise verschiddenen Infektiounen engem potenziellen Ursprongsberäich vu gesellschaftlechen Aktivitéiten, an deem Fall dem Sport, zouzeuerdnen. An de leschten zwee Joer wor den öffentlechen Transport ee vun deene Beräicher, wou am gesellschaftleche Vergläich éischer iwuerflächlech Virsiichtsmoosnamen agefouert goufen, déi doriwwer raus och kaum gewiesselt hunn.

Grad am öffentlechen Transport ass awer dovun auszegoen, datt de Geste-Barrière vun der physescher Distanz vun zwee Meter zu de Stousszäiten an och an anere Situatiounen, wéi zum Beispill wa vill Leit matenee erausklammen, well den Zuch Endstatioun op der Stater Gare huet, net kann agehale ginn. Fir datt esou Moosname wéi mir se während deene leschten zwee Joer an der COVID-Krise erlieft hunn, vun de Leit iwuerall eegeverantwortlech respektéiert kënne ginn, ass et immanent, datt dës Moosnamen souwuel tëschent deenen eenzele gesellschaftleche Beräicher proportional zueneen, wéi och proportional zu der Gesamtsituatioun stinn.

An deem Sënn géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) Kann d'Regierung matdeelen, wéi vill zousätzlech Zich a Busse säit dem 1. März 2020 agesat gi sinn, fir déi physesch Distanz vun zwee Meter am öffentlechen Transport sou gutt wéi méiglech ze garantéieren?
- 2) Kann d'Regierung matdeelen, wéi vill Infektiounen mam COVID-19 säit dem 1. März 2020 potenziell an/oder tatsächlech a Relatioun mam öffentlechen Transport festgestallt gi sinn? Kann d'Regierung eng Grafik presentéieren, déi den zäitlechen Oflaf vun dësen Infektiounen säit dem 1. März 2020 bis zum 31. Dezember 2021 ofbillt?
- 3) Kann d'Regierung matdeelen, wéi vill vun deene Leit, déi säit dem 1. März 2020 potenziell an/oder tatsächlech a Relatioun mam öffentlechen Transport positiv op de COVID-19 getest goufen, keng Symptomer haten a wéi vill liicht Symptomer gewisen hunn? Wéi vill vun dësen Leit hu missen hospitaliséiert ginn a wéi vill vun hinnen hu missen op der Intensivstatioun behandelt ginn? Kann d'Regierung den zäitlechen Oflaf vun dësen ënnerschiddleche Verleef unhand vun enger Grafik visualiséieren?
- 4) Kann d'Regierung matdeelen, wéi vill Leit déi säit dem 1. Januar 2021 potenziell an/oder tatsächlech a Relatioun mam öffentlechen Transport positiv op de COVID-19 getest goufen, zum Zäitpunkt vum positiven PCR-Test eng éischt Impfdosis, eng zweet Impfdosis oder eng Boosterimpfung (inklusiv deene Leit, déi

eng Dosis vum Johnson & Johnson Vaccin gesprëtzt kruten a jee no Definitioun net als geboostert gëllen) empfaang haten? Kann d'Regierung matdeelen, wéi vill Leit, déi während deem genannten Zäitraum potenziell an/oder tatsächlech a Relatioun mam öffentliche Transport positiv op de COVID-19 getest goufen, zum Zäitpunkt vum positive PCR-Test nach keng éischt Impfdosis haten a wéi eng Krankheitsbiller sech fir déi jeeweileg Gruppe gewisen hunn? Kann d'Regierung op Basis vun deenen eenzele Grafiken elaboréieren, wéi et méiglech war, während der gesamter COVID-Krise speziell am Beräich vum öffentliche Transport sou eng grouss Kontinuitéit ze erméiglechen?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten